PIRATEN
PIRATEPARTEI LËTZEBUERG
1A, RUE DE LUXEMBOURG
L-8184 KOPSTAL

Koplescht, den 21te Februar 2025

# Communiqué

**D'Parteileedung vun de PIRATEN hëllt d'Berichterstattung zur Kenntnis, déi iwwert d'parlamentaresch Fro n°1793 vum Deputéierte Sven Clement iwwer d'Dokteraarbecht vun der Prinzessin Claire geschriwwe gouf.**

**D'Aarbecht beliicht e wichtegt gesondheetspolitescht Thema, dat grouss Relevanz fir eis Gesellschaft huet. Dëst ass e wäertvolle Bäitrag fir d'Bewosstsinn vun der Organspend ze stäerken. Am Interessi vun der ëffentlecher Gesondheetsdiskussioun wier et ze begréissen, wann esou wichteg Aarbechten am Allgemengen enger méi breeder Ëffentlechkeet zougänglech gemaach géif ginn. Fir esou dat liewenswichtegt Thema Organspenden ze promouvéieren.**

**D'Parteileedung wëll heimadder d'Positioun kloerstellen, dass d'Partei an eng grouss Majoritéit vu senge Membere weiderhi kloer zur lëtzebuergescher Monarchie steet an d'Legitimitéit vun der Monarchie souwéi der groussherzoglecher Famill a kengster Weis a Fro stellt.**